Rapport vum Conseil d'éducation – Méindes, den 19. Juni 2017

Présences : Mme Urbain, Här Kuffer, Mme Schilling, Här Kremer, Här Nieles, Melle Brumat
Entschëllegt : Mme Schoenau, Mme Petry, Melle Ferreira

1) Den Rapport vum 6. Februar 2017 gouf ugeholl.

2) Mme Urbain war houfreg matzedeelen, dass déi **2 Portes Ouvertes** e positiven Echo haten:

- vill Jongen koumen sech eis Schoul ukucken an 116 hun sech och ageschriwen fir d'Schouljoer 2017/2018,
- PO waren gudd organiséiert,
- de Grill, d'Leckerbissen an och Gedrenks op strateg wichtegen Punkten waren gudd ukomm.

Vun der Mme Urbain nach eng Kéier e grouße Merci un all d'Leit déi sech agesat hun.

3) Den 1. Ofschlossexamen @ EPF war eng spannend an och eng logisteg Herausfuerderung fir Directioun, d'Secretariat, dat technescht Personal, Proffen an Schülerinnen. De Fieldgen huet dës éischt Ronn gemëschtert, elo bleiwt nach just ofzewarden op mir vum Staat dësen Optrag nach eng zweete Kéier därfen erfëllen.

4) Den 26. Oktober 2017 invitéiert d' AG APEF um Fieldgen op **d'Konferenz „School Futurs – Schule und Lernen in Welten des Wandels".** Dëse Konferenz leeft am Cader vun der CSDD, der Uni Lu an dem Script. Den EPF as eng vun denen 3 Schoulen am Land, déi eraus gesicht goufen, fir sech zum Thema Nohaltegkeet méi ze engagéieren. Den Här Pascal Meyers koordinéiert d'Bestandsopnahm vun all den „nohaltegen Aktivitéiten an eiser Schoul".

5) Divers :

- Am September 2017 wärt d'Schoul, op initiative vum Schülercomité, all den Schüler a Proffen e **Becher aus Bambus** verdeelen, fir Gedrënks aus Plastiksfläschen (Automaten) ze ersetzen.
- D'Aktioun **„E Stopp fir de Mupp"** wärt an enger anerer Form weiderlaafen. E grouße Merci un den **Här Kremer**, den eis Stöpp matewech geholl huet. Och wann hien nët méi am Conseil d'éducation wärt matwierken, huet hien eis weiderhin seng Hëllef ugebueden. Villmols Merci fir sein Engagement.

Annick Reitz-Schilling